piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Den 13te Mee gouf ënnert der Referenznummer 2601227 eng ëffentlech Ausschreiwung fir Kompensatiounsmoossname fir d'Nordstrooss publizéiert. Dobäi geet et ënner anerem ëm d'Renaturatioun vun der Mamer am Beräich „Weidendall" an de Bau vun enger Passerell aus Holz a Metall. Laut der Ausschreiwung soll dobäi tropescht Bongossi-Holz benotzt ginn an dëst am Kader vun engem Renaturatiounsprojet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat gouf am Kader vum Marché public n°2601227 decidéiert, fir tropescht Bongossi-Holz anzesetzen?

2. Wäert dat Holz, wat hei genotzt gëtt, op mannst nohalteg zertifizéiert sinn?

3. Goufe fir dës Ausschreiwung Alternativen aus Lëtzebuerg, der Groussregioun oder Europa gepréift, a falls jo, firwat goufen dës net zeréckbehalen?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés